nistesch, well do sinn ech net zoustänneg derfir, fir d'Gesetz iwwert den Archivage. Ech weess just, datt d'Kulturministesch intensiv un deem Gesetz schafft, datt et imminent ass, datt et soll an de Regierungsrot kommen. Mä, ech mengen, Dir hutt besser, Dir frot si eng Kéier selwer, wa si hei ass, wéini si domadder fäerdeg ass.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Minister. Da géife mer zu der Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6782 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6782 et dispense du second vote constitutionnel

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An dann ass de Vott eriwwer a 60 Deputéierten hunn deelgeholl: 60-mol Jo. Domat ass de Projet 6782 unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Serge Wilmes), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Diane Adehm), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens (par M. Gusty Graas) et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An ech géif Iech nach froen, ob d'Chamber bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

(Assentiment)

Merci villmools. Dann ass dat esou décidéiert.

10. Ordre du jour

Ech krut dann d'Fro gestallt, ob mer d'Reglement vun der Chamber net kéinte virzéien. Wann do keng Objectiou dergéint wär an de Rapporteur prett wär, géife mer dat maachen.

Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Merci villmools. Dann huet de Rapporteur vun der Änderung vun eisem Reglement, den Här Gibéryen, direkt d'Wuert.

11. 6888 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au chapitre 9 «Frais et indemnités» de l'annexe 5 «Régime des traitements des fonctionnaires de la Chambre des Députés»

Rapport de la Commission du Règlement

M. Gast Gibéryen *(ADR), rapporteur.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir huelen haut eng Änderung vun eisem Reglement vir, an zwar am Chapitre 9 iwwert d'Frais et indemnités vun eise Fonctionnairen hei an der Chamber, d'Annex 5 iwwert de Régime vun den Traitementer, wéi gesot, vun eise Fonctionnairen.

Ëm wat geet et? Duerch d'Gesetz vum 25. Mäerz dëst Joer ass den Accord salarial vun der Fonction publique ëmgesat ginn an och en Text iwwer nei Bestëmmungen, wat d'Pensiounen ubelaangt. Dësen Text ass den 1. Oktober a Kraaft getratt. An an deem Text geet et virun allem ëm de Régime de pension spécial transitoire. An hei ass am Fong eng Terminologie geännert ginn: De Congé pour raisons de santé à mi-temps thérapeutique gëtt elo an eng nei Bestëmmung ëmgeännert an zwar an de Service à temps partiel pour raisons de santé.

Och wann déi Bestëmmung, wat d'Fonctionnairë vun der Chamber ubelaangt, fir den 1. Oktober dëst Joer direkt och a Kraaft trëtt, esou musse mir dat awer an eisem Reglement bäisetzen, wat de Finanzement vun där Bestëmmung ubelaangt. An et ass dat, wat mer mat dëser Änderung vun eisem Reglement maachen, also datt och de Finanzement garantéiert ass iwwert de Budget vun der Chamber, iwwert déi Bestëmmung, déi iwwert den Accord salarial fir ons Fonctionnairë vum 1. Oktober un hei och a Kraaft getratt ass.

Dës Proposition de modification ass vun eisem President selwer den 8. Oktober deponéiert ginn. D'Presidentekonferenz huet se den 8. Oktober och direkt weider un d'Reglementskommissioun geleet an déi huet den 13. Oktober dës Änderung an engem Rapport eestëmmeg festgehalen, woufir ech Iech dann och géif ëm Är Zoustëmmung bieden.

Merci.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Rapporteur. Gëtt et Wuertmeldungen zu där heiter Propositioun, fir eist Reglement ze adaptéieren? Den Här Paul-Henri Meyers.

Discussion générale

M. Paul-Henri Meyers *(CSV).*- Här President, ech ka mech kuerzfaassen. Ech soen dem Här Gibéryen villmools Merci fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport an ech bréngen den Accord vun der CSV.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Meyers. Den Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP).*- Jo, Merci, Här President. Et ass eigentlech schonn alles gesot. An ech wéilt och dem Rapporteur Merci soen an den Accord vu menger Fraktioun hei abréngen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci villmools. Ech ginn dervun aus, dass, wann den Här Bodry an d'Madamm Loschetter d'Wuert géife froen, se och géife Jo soen, grad eréi den Här Gibéryen dat just fir seng Sensibilitéit gemaach huet a wéi den Här Urbany dat och wahrscheinlech fir seng géif maachen. Da wäre mer um Enn vun der Diskussioun. An ech géif dann direkt ofstëmme loossen.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An de Vott ass elo schonn eriwwer.

An - wien hätt et geduecht? - mir hunn Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens (par M. André Bauler) et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An hei brauch ech Iech jo d'Fro net ze stellen, ob mer d'Dispens vum zweete Vott ginn.

Villmools Merci.

Da géife mer iwwergoen zu deem virleschte Punkt, deen elo dee leschte Punkt ass, dat heescht d'Orientéierungsdebatt iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Stat. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An direkt huet d'Madame Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché, d'Wuert.

12. 6836 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Rapport de la Commission du Développement durable

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der wësst, geet et bei der Orientéierungsdebatt vun haut ëm déi grouss Infrastrukturprojeten, déi d'Regierung am Laf vun den nächste Jore wëllt ëmsetzen. Fir déi deementspriechend Etüden an natierlech och Projete kënnen ze realiséieren, muss d'Chamber fir d'Éischt hiren Accord de principe dozou ginn.

Engersäits kréien d'Deputéiert domat méi Matsproocherecht beim Plange vun neien Infrastrukturprojeten, anerersäits geet et awer och drëms, méi Transparenz an de finanzielle Suivi vun all Projet ze bréngen, esou wéi et am Joer 2005 vun der Budgetkontrollkommissioun festgehale ginn ass.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

Ënnert dës Prozedur falen zanter dem Joer 2009 sämtlech Projeten, déi e geschätzte Käschtepunkt vun 10 Milliounen Euro a méi wäerten erreechen. 2005 louch dëse Seuil bei just 7,5 Milliounen Euro. Doriwwer eraus muss bekanntlech fir all Projet vun iwwer 40 Milliounen e speziellt Finanzéierungsgesetz ausgeschafft ginn.

Am Joer 2005 ass des Weidere festgehale ginn, datt d'Budgetkontrollkommissioun de finanzielle Suivi vun deene groussen Infrastrukturprojete muss am A behalen. Dat bedeit, datt den zoustännege Minister där Kommissioun all sechs Méint e Rapport iwwert déi finanziell Evolutioun vun all Projet muss presentéieren, deen am Kader vun dëser Debatt accordéiert ginn ass. Donieft erstatt den Infrastrukturminister och der Nohaltegkeetskommissioun regelméisseg Bericht iwwert déi finanziell a baulech Entwécklung vun all deene Projeten. Souvill schonn zur Prozedur, déi, wéi gesot, zanter zéng Joer besteet.

Här President, ech kéim dann zu den neie Projeten, déi der Nohaltegkeetskommissioun an de Sëtzunge vum 9. a vum 15. Juli 2015 presentéiert gi sinn. Wann ee sech déi Lëscht méi genee ukuckt, stellt ee fest, datt déi absolutt Prioritéit am Beräich vun den Infrastrukturen dëst Joer bei der Verbesserung vun der Mobilitéit zu Lëtzebuerg läit an domat och bei enger besserer Vernetzung vun den eenzelnen Transportmëttel zugonschte vum ëffentlechen Transport a vun der Mobilité douce. Fir datt déi Vernetzung ka stattfannen, brauch een natierlech och déi gëeegent Infrastrukturen.

Déi éischt drái Projete bestinn aus dem Bau vun drái Park & Riden, déi iwwert de Fonds du rail finanzéiert solle ginn. Dës Opfaangparkinge sollen et erlaben, d'Autoen net nëmmen aus der Haaptstad erauszehalen, mä och aus de Grenzregiounen doduerch, datt de Beruffstrafic esou fréi wéi méiglech op den ëffentlechen Transport orientéiert gëtt.

Geplangt sinn déi Park & Riden dowéinst an direkter Proximitéit zu enger Eisebunnsgare. Deen éischte bei der Gare vu Rodange mat 1.632 Stellplazen, deen zweete bei der Gare vu Miersch mat 434 Stellplazen, deen drëtte bei der Gare zu Waasserbëlleg mat 385 Stellplazen, wat alles an allem en Total vun zousätzlechen 2.451 Stellplaze bedeit, déi alleguer eng direkt Ubannung un d'Eisebunn wäerte kréien.

Ugefaange mam gréisste Projet, deem vu Rodange: Nieft dem Bau vum Park & Ride, mat, wéi gesot, iwwer 1.600 Parkplaze geet et hei och drëms, de Passage à niveau iwwert d'Eisebunn duerch e Passage souterrain fir Autoen, Vëlosfuerer a Foussgänger ze ersetzen, mam Zil, den Trafic an der Uertschaft méi fléissend ze gestalten. Parallell dozou gëtt d'Gare routière komplett renovéiert mat zousätzlechen 100 Emplacementer fir Vëloen. Och un d'Vëloe gëtt neierdéngs geduecht.

De Park & Ride sengersäits gëtt direkt un d'Gare ugebonnen a verleeft bauméisseg an drái Phasen. Déi éischt Phas, déi Enn 2017, Ufank 2018 soll funktiounsfäeg ginn, ëmfaasst 178 Plazen op der Surface. Déi zweet Phas, déi ab 2018 realiséiert soll ginn, besteet aus dem Bau vun engem Parkhaus mat weideren 933 Parkplazen. A schlussendlech gesäit déi drëtt Phas zousätzlech 699 Plaze vir, déi am Joer 2021 sollen entstoen, am Fall, wou se gebraucht ginn.

Well d'Terrainen dem Stat gehéieren, mat der Ausnam vu just enger klenger Parzell, stelle sech a puncto Acquisitioun vun Terraine keng weider Problemer. Déi finanziell Estimatioun fir de ganze Projet beleeft sech hei op 54 Milliounen Euro.

Ech kommen op Waasserbëlleg. Dee Projet, deen do entstoe soll, ass méi bescheiden, mä net manner wichteg. Hei geet et drëms, en iwwerierdesche Parking, e sougenannte Parking de surface, mat 385 Stellplaze fir Autoen an 30 sécuriséiert Emplacementer fir Vëloen ze bauen, dëst am Kontext vum Ëmbau vun der Gare routière a vun der Upassung vun den Eisebunnsinfrastrukturen un d'Bedürfnisser fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit. D'Virbereedungsaarbechte lafen am Joer 2017 un, soudatt et am Joer 2018 zum Bau ka kommen, mat der definitiver Mise en service vum ganze Projet am Joer 2021. De viraussiichtleche Käschtepunkt läit hei bei 30,7 Milliounen Euro.

Op Miersch. Den drëtte Park & Ride ass um Site vum fréieren Agrocenter zu Miersch virgesi mat 434 Stellplazen, och hei mat enger direkter Verbindung zu der Eisebunnsgare an der Upassung vun der Gare zugonschte vun de Persoune mat ageschränkter Mobilitéit. Déi si bei all Projet neierdéngs ëmmer derbäi. D'Virbereedungsaarbechte belafe sech bei dësem Projet op 13 Milliounen Euro. Eng Estimatioun vum definitive Käschtepunkt läit bei dësem Projet nach net vir. Am Joer 2018 soll mat den Aarbechten ugefaange gi mam Zil, datt dee gesamte Projet am Joer 2020 voll funktiounsfäeg ass.

An de Süden op Schëffleng. E véierte Projet, deen och de Fonds du rail engagéiert, mä net zu honnert Prozent, ass d'Suppressioun vun de Passages à niveau zu Schëffleng. Méi speziell besteet dëse Projet aus véier Modullen, déi folgend Moossname virgesinn: éischtens, d'Suppressioun vun drái Passages à niveau op enger Längt vu just engem Kilometer, zweetens, de Bau vun enger neier a méi benotzerfrëndlecher Entrée an d'Uertschaft mat enger Passerelle fir d'Foussgänger tëschent der Avenue de la Résistance an der Avenue de la Libération, drëttens, den Neibau vum Eisebunnsarrêt zu Schëffleng, a véiertens, d'Erneierung vun de Caténairen, der sougenannter Traction électrique. Um Finanzement vum éischte Module ass d'Gemeng mat 10% bedeelegt, de Fonds du rail mat 40% (veuillez lire: 45%) an de Fonds des routes mat 45%.

Dëse Projet berout op engem Accord tëschent der Gemeng Schëffleng, den CFL an de Ponts et Chaussées aus dem Joer 2007, wou de finanzielle Verdeelungsschlëssel festgeluecht ginn ass. Ech wéilt och drop hiweisen, dass am Dokument vun der Regierung de ganze finanzielle Verdeelungsschlëssel geziilt opgelëscht ass mat enger ganzer Tabell, wou Der kënnt gesinn, wéi déi eenzel Partner sech bedeelegen.

De Käschtepunkt beleeft sech op insgesamt 17 Milliounen Euro. D'Prozedure lafen am Mäerz 2016 un. D'Suppressioun vun de Passages à niveau ass fir Enn 2018, an d'Enn vun den Aarbechte fir 2019.

Mir kommen an d'Stad op d'Gare vu Lëtzebuerg. E weidere Projet, deen erëm ganz iwwert de Fonds du rail finanzéiert gëtt, ass den Aménagement vun zwee weidere Quaie fir d'Stater Gare. Méiglech gëtt dëse Projet doduerch, datt den Atelier vun de Lokomotiven op den Houwald transferéiert gëtt. D'Plaz, déi op déi Manéier fräi gëtt, erlaabt de Bau vun zwee neie Quaien. Dat bedeit eng massiv Erhéijung vun der Capacitéit a méi Flexibilitéit bei der Entrée an der Sortie vun den Zich, wuel wëssend, datt déi bestoend Infrastrukturen a Spëtzestonne schonn haut komplett iwwerlaascht sinn.

Zréck an de Süden op Esch/Uelzecht. De leschte Projet, deen iwwert de Fonds du rail leeft, ass d'Renovatioun vun der Escher Gare um Niveau vun de Quaien. Hei geet et ënner anerem drëms, déi bestoend Quaien ze moderniséieren a mat Marquisen ze iwwerdecken. Donieft gëtt och dee besteeënden an net grad attraktive Souterrain renovéiert an en zweete Souterrain gebaut, woubäi sämtlech Accèse behënnertegerecht aménagéiert ginn.

Dann zum Pôle d'échange Cloche d'Or. Ofschléissend kéim ech zu deem Projet, deen iwwert de Fonds des routes soll finanzéiert ginn. Et ass deen eenzegen. Et handelt sech ëm de Bau vum Pôle d'échange Cloche d'Or, deen eng direkt Ubannung un den Tram wäert schafen an deen an direkter Proximitéit vum geplangte Fussballstadion soll entstoen.

De Projet ëmfaasst folgend Elementer: eng Gare routière mat sechs Quaie fir Autobussen, weider aacht Quaien an enger Waardeplaz fir zwielef Bussen, e Park & Ride mat ongefëier 2.000 Emplacementer verdeelt op sechs Stäck, integréiert Infrastrukture fir d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer.

Bei dësem Projet wéilt ech betounen, datt de Pôle d'échange Cloche d'Or den alleréischten Ëmsteigepôle fir den Tram wäert ginn, mat der Ubannung un d'Buslinnen a Richtung Süden, Südosten a Südweste vum Land. Gläichzäiteg dréit dëse Projet der urbanistescher Entwécklung vum Südoste vun der Haaptstad Rechnung.

De Pôle d'échange Cloche d'Or, Dir Dammen an Dir Hären, steet also net prioritär a Relatioun mam Bau vum neie Fussballstadion, mä en ass e Bestanddeel vum gesamte Mobilitéitskonzept, wat d'Regierung landeswäit amgaangen ass ëmzesetzen.

Här President, am Résumé waren dat déi insgesamt siwe Projeten, déi an der Nohaltegkeetskommissioun virgestallt gi sinn an och vun der Kommissioun guttgeheescht gi sinn. An deem Sënn iwwerreechen ech Iech eng deement-

spriechend Motioun, déi vu sämtleche Fraktiounen a Groupes politiques ënnerschriwwe ginn ass an d'Regierung opfuerdert, déi virgestallte Projeten an Ugrëff ze huelen.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.*- Ech mengen, Dir sidd net onglécklech doriwwer, Här Minister.

Motion 1

La Chambre des Députés,

vu, d'une part,

- la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructures;

- vu la volonté du Gouvernement d'assurer la définition, la conception et la mise en œuvre d'une politique intégrée en matière d'aménagement du territoire, de réseaux de transport et de bâtiments publics;

vu, d'autre part,

- l'avis de la Cour des Comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructures du 22 mars 2001;

- la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 prise suite à la présentation de l'avis précité;

- les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructures dans le futur, transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre;

- vu la nouvelle procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructures adoptée en date du 3 avril 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes sur proposition de Monsieur le Ministre des Travaux publics et dont les points principaux ont été repris dans une motion «Grands projets d'infrastructures - Travaux publics» du 23 octobre 2008;

- considérant que ladite procédure répond aux préoccupations dans la motion précitée du 29 janvier 2002;

- vu la motion du 13 mai 2009 de la Chambre des Députés invitant le Gouvernement à veiller à ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructures susceptibles d'atteindre un coût d'au moins dix millions d'euros;

- vu la liste des projets d'infrastructures susceptibles d'atteindre un coût d'au moins dix millions d'euros, à soumettre à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un avant-projet détaillé (APD) à charge du département du Développement durable et des Infrastructures, présentée lors des séances du 9 juillet 2015 et du 15 juillet 2015 de la Commission du Développement durable;

- considérant que suite aux informations détaillées fournies par les responsables du Ministère du Développement durable et des Infrastructures, de l'Administration des Ponts et Chaussées et de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois, la Commission du Développement durable a avisé favorablement chaque projet de la liste présentée;

- marque son accord à l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause à partir de l'exercice budgétaire 2016 afin de garantir les objectifs suivants:

a) en ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds du rail

• gares de Rodange, Wasserbillig et Mersch: aménagement de bâtiments P&R et mise en conformité des infrastructures voyageurs

• suppression des passages à niveau n^{os}91, 91a et 92 à Schifflange et reconstruction de l'arrêt Schifflange

• gare de Luxembourg: aménagement des quais V et VI

• gare d'Esch-sur-Alzette: renouvellement des infrastructures;

b) en ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds des routes

• aménagement d'un Pôle d'échange Cloche d'Or.

(s.) Josée Lorsché, Georges Engel, Gast Gibéryen, Gusty Graas, Aly Kaes, David Wagner.

E Merci gëllt wéi ëmmer de Mataarbechter a Mataarbechterinne vum Ministère, grad wéi och de Vertrieder a Vertriederinne vu CFL a Ponts & Chaussées, déi eis ëmmer ganz ausféierlech Erklärungen an der Kommissioun ginn. E weidere Merci geet un eis Sekretärin Rachel Moris an un eis Membere vun der Kommissioun fir hir konstruktiv Zesummenaarbecht an allen Dossieren.

Erlaabt mer ofschléissend nach just e puer Wierder am Numm vun der grénger Fraktioun, déi frou ass festzestellen, datt d'Mobilitéitspolitik vun dëser Regierung net aus engem abstrakte Pabeierbierg besteet, mä aus konkrete Projeten, déi d'Mobilitéit an eisem Land Schratt fir Schratt verbesseren.

An ech soen Iech dofir scho Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci der Madamm Rapportrice. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Aly Kaes agedroen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Débat

M. Aly Kaes *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Prozedur, déi mer säit 2006 hei am Parlament duerchlafen, déi mer jo och nach 2009 eng Kéier ugepasst hunn an déi eis et erlaabt, d'Accorden ze gi fir Projeten, déi de Stat an de kommende Jore wëllt hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen a realiséieren, ass eng extrem transparent an demokratesch Prozedur, well mer als Volleksvertrieder quasi vun Ufank un an eng Rei Projete vu gréisserem finanziellen Impakt mat agebonne sinn.

Ech wëll dat nach eemol ganz kloer an ausdrécklech hei ënnersträichen an all deene Leit, déi deemools un der Initiativ stoungen, e ganz grousse Merci soen. Dat lescht Joer hunn ech mech op dëser Plaz e bësse missen iwwert den Här Minister iergeren, well hien d'Lëscht mat de Projete mat sechs Woche Verspéidung an der Chamber hannerluecht huet. Dëst Joer wëll ech dann de Minister ausdrécklech luewen,...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Aly Kaes *(CSV).*- ...well hie sech mäi Rot vum leschte Joer voll a ganz zu Häerz geholl huet...

Plusieurs voix.- Aah!

Une voix.- Très bien!

M. Aly Kaes *(CSV).*- ...an d'Lëscht mat de Projeten, iwwert déi mer elo wäerten hei ofstëmmen, schonn den 2. Juli 2015 an der Chamber agereecht huet.

Dir Dammen an Dir Hären, wann den Här Minister mer d'nächst Joer nach eng Lëscht mat e puer weideren Detailer zu alle Projeten an hoffentlech och mam véierspuregen Ausbau vun der N7 drop areecht,...

Plusieurs voix.- Aah!

M. Aly Kaes *(CSV).*- ...jo, da wäert ech voll a ganz zefridde sinn. Mam Opgoe vun der ganzer A7, déi jo viru Kuerzem offiziell ageweit ginn ass a wou mer jo den Här Minister och nach virun enger ganzer Rei vu Joren a senger Jugend gesinn hunn an a sengem deemolegen Engagement, jo, déi A7 huet sech... Duerch déi A7 an duerch d'Opgoe vun där A7 huet sech villes am Stroosseverkéier tëschent der Stad Lëtzebuerg bis bei den Norde verbessert. Jo, eben nëmme bis bei den Norden.

Dir selwer, Här Minister, Dir hutt gesot, datt d'A7 eng ganz Rei a virun allem Avantagë fir den Zentrum vun eisem Land géif bréngen. An do ginn ech Iech absolutt recht. Ech muss Iech awer soen: Eis am Norde stinn déiselwecht gutt Bedéngungen zou, an duerfir brauche mer e véierspuregen Ausbau vun der N7.

Ech hu virdrun am Numm vun der CSV-Fraktioun zu dem Fonds Belval Stellung dierfen huelen an ech hunn dat mat Begeeschterung gemaach. An ech mengen, Dir kënnt Iech erënneren, datt ech gesot hunn, datt ech immens frou sinn doriwwer, wat sech am Süden entwéckelt huet. Ech wier frou, wann d'Leit, wann déi Responsabel, wann déi, déi kënne mat Décisiounen huele fir dëst Land, och aus anere Regiounen, sech géife gradesou positiv fir den Norden asetzen, wéi déi aus dem Norde bereet sinn an engagéiert si fir zum Beispill de Süden.

Wann dës Regierung net derzou bereet ass, dat wëll ech awer ganz kloer soen, de Projet N7 oder d'N7 op véier Spuren auszebauen, da wëll ech Iech soen, datt d'CSV dëse Projet an Ugrëff hëlt, soubal mer d'Chance hunn, erëm an enger Majoritéit ze sinn. Dat ass net...

(Interruption)

Soubal... Dat ass esou!

(Interruption)

Dir wäert dat da gesinn.

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Et ass just den Här Kaes, wann ech gelift.

M. Aly Kaes *(CSV).*- Mir wäerten eis och mat deene belschen Autoritéiten zesummesetzen, fir ze iwwerpréiwen, wéi een déi véierspureg N7 dann och kann un d'E25, nämlech déi Lécker Autobunn, ubannen. Eréischt dann hu mer och besser Entwécklungspotenzialméiglechkeete fir den Norden. An duerfir wäerte mir als CSV alles drusetzen, fir datt an der Zukunft dat dote Realitéit gëtt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, dass ech elo kuerz op d'Lëscht mat de Projeten aginn, fir déi mer elo gréng Luucht hei solle ginn. D'Madame Lorsché huet an hirem wéi ëmmer exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport, fir deen ech dann och nach eng Kéier wëll Merci soen, schonn am Detail déi eenzel Projete behandelt, soudass ech just nach op eenzel Aspekter aginn, ouni natierlech d'Ambitioun ze hunn an ouni wëllen hei komplett ze sinn.

Fir d'Éischt zum Fonds du rail. Bon, ech fänken u mat deenen dräi Projeten, déi och duerno an engem Gesetz, an engem Projet de loi votéiert ginn, déi dräi Park & Ridë vu Rodange, Waasserbëlleg a Miersch. Hei stinn op de Garë vun dësen dräi Uertschaften an der Zukunft de Leit 2.500 Parkplazen zur Verfügung, fir hir Autoe stoen ze loossen an dann op den Zuch ëmzeklammen. Doduerch ginn eis Stroosse sécher entlaascht, soudatt mer dat absolutt begréissen. Am Total wäerten hei eng ronn 98 Milliounen Euro investéiert ginn.

D'Park & Riden an d'Schinn, Dir Dammen an Dir Hären, sinn awer net d'Allheilmëttel, an duerfir musse mer och eis Verkéiersachse fir déi Leit, déi net no bei der Schinn sinn, net no bei der Schinn wunnen oder eventuell keng esou gutt Ubannung un den ëffentlechen Transport hunn, an engem gudden Zoustand halen an do ausbauen, wou et ganz einfach néideg ass.

E weidere Projet am Fonds du rail ass d'Ofrappe vun dräi Passages à niveau zu Schëffleng an den Neibau vum Zucharrêt. Hei wëll ech ënnersträichen, datt, wann dës Aarbechte jo gemaach ginn, gläichzäiteg och profitéiert gëtt, fir Antibruit-Moossnamen zu Schëffleng ze bauen, soudatt hei u sech eng gutt a sënnvoll Koordinatioun geplangt ass - eppes, wat jo leider hei am Land net ëmmer de Fall ass.

E weidere Projet am Fonds du rail ass den Aménagement vun de Quaie 5 a 6 op der Stater Gare. Dësen ass sécherlech sënnvoll an absolutt néideg, well a Spëtzenzäiten d'Gare total iwwerlaascht ass. Et ass evident, datt, wa mer spéider da solle mam Tram vill Leit verdeelen, déi Leit einfach emol gutt mussen op der Gare ukommen, fir duerno dann, wéi gesot, an dem Ëmkreess vun der Stad, an der Stad Lëtzebuerg a ronderëm, schnellstméiglech op déi Plaz kënnen ze kommen, wou se da wëllen hikommen.

Gradesou noutwendeg a sënnvoll ass d'Erneierung vun den Infrastrukturen op der Escher Gare. Bon, d'Detailer fannt Der an der Madamm Lorsché hirem Rapport. Dat brauch ech also och net nach eng Kéier hei am Detail ze erklären.

Dowéinst ginn ech dann direkt iwwer op de Fonds des routes. Hei steet u sech e ganz grousse Projet un, an zwar de Pôle d'échange Cloche d'Or. Dir all wësst, wat momentan schonn do alles gebaut ass, wat amgaangen ass gebaut ze ginn a wat nach alles wäert an Zukunft kommen. An deem ganzen Eck, am Südweste vun der Stad, also op der Cloche d'Or, dem Ban de Gasperich an dem Midfield wäerten duerno Dausende Leit schaffen an da wuel regelméisseg och, hoffentlech, nach Dausende Leit Fussball kucke kommen. An dowéinst mussen natierlech déi passend Stroossen a Sportinfrastrukture geschafe ginn. Hei gëtt op e Mix - wat ganz gutt ass - vun Auto, Bus, Tram, Zuch, Vëlo a Foussgänger gesat.

Op jidde Fall, d'CSV-Fraktioun gëtt hiren Accord zu de Projeten alleguerten, esou wéi d'Regierung se proposéiert. Mir stinn dëse Projete ganz, ganz positiv géintiwwer a si frou, datt mer eng Kontinuitéit an der Moderniséierung vun eisem Land erkennen, esou wéi déi viregt CSV/LSAP-Regierung et an d'Weeër geleet huet. An deem Sënn wëll ech Merci soe fir d'Nolauschteren an deem Nächste Plaz maachen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci dem Här Kaes. An als nächste Riedner ass et um honorabelen Här Georges Engel. Dir hutt d'Wuert.

M. Georges Engel *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg wiisst an der Awunnerzuel an domadder och politesch, gesellschaftlech, kulturell an hoffentlech och an de Mentalitéiten, mä och a virun allem wirtschaftlech. Zueleméisseg, also statistesch liest dat sech esou, de Finanzminister huet dat de Moien hei erkläert an Dir hutt et all héieren: D'lescht Joer ass de Produit intérieur brut, de PIB, ëm 4,4% gewuess, dëst Joer geet de Statec vun 3,2% aus an d'nächst Joer soll de Wuesstum net manner wéi 3,9% bedroen. Virun allem am europäesche Verglach an am international konjunkturelle Kontext steet Lëtzebuerg domadder gutt, fir net ze soe ganz gutt do.

Woubäi ech als Member vun der sozialistescher Partei hei awer wëll ënnersträichen, dass Wirtschaftswuesstum kee Selbstzweck ass an däerf sinn, mä just e Mëttel zum Zweck, dat et erlaabt, Recetten ze generéieren, déi hirersäits dann dem Stat et erlaben, sengen Aufgaben an Investitiounen am Beräich vun den Infrastrukturen an am Beräich vum Sozialen nozekommen.

Zu dësem Wuesstum, deen ebe fir den Erhalt vun eise Sozialsystemer an domat och vun eisem Wuelstand onëmgänglech ass, virausgesat dee Wuelstand ass also op Nohaltegkeet an net op kuerzfristeg Renditten opgebaut, droen net nëmmen déi mëttlerweil iwwer 560.000 Awunner bäi, mä zu engem ganz groussen Deel och d'Frontalieren. Esou ware laut Statec am leschte Joer ronn d'Halschent vun eisen insgesamt 371.000 Salariéen Netrésidenten. Méi ewéi 81.000 Leit kommen deemno all Dag aus Frankräich, 42.000 all Kéiers aus Däitschland an aus der Belsch iwwert d'Grenz op Lëtzebuerg schaffen.

D'Grenzgänger sinn also ee wichtege Pilier vun eiser Ekonomie an domadder och vun eisem Wuelstand. Allerdéngs huet dëse Pilier och seng negativ Säiten oder, besser gesot, eng negativ Säit virun allem. E groussen Deel vun de Frontaliere setzt fir seng Déplacementer nämlech op den Individualverkéier. Zéngdausende Salariéë kommen deemno all Dag mam eegenen Auto aus deem méi oder manner noen Ausland op Lëtzebuerg schaffen. Zesumme mat der wuessender Bevëlkerung an dem entspriechende Wuesstum vum nationalen Automobilpark kënnt et dann zu deene bekannte Konsequenzen. An de Spëtzestonnen, déi mëttlerweil vu sechs Auer moies bis néng Auer moies a vu siechzéng bis nongzéng Auer nomëttes daueren, sinn d'Autobunnen, a ville Fäll och d'Ausfaartstrosse vun de Grenze Richtung Haaptstad, bezéiungsweis ëmgedréit, quasi, fir net ze soe vollkomme saturéiert.

Datselwecht gëllt och op de Vakanzweekender, wat iwwregens bal d'Halschent vun eise Weekender am Joer sinn. Insgesamt steet all Lëtzebuerger Automobilist, wann een der rezenter INRIX-Etüd gleewe kann, a si hunn dat ausgerechent, duerchschnëttlech 34 Stonnen am Joer am Stau. An Europa ass d'Situatioun nëmmen an der Belsch, an Holland an an Däitschland nach schlëmmer. All déi Stauen hunn negativ Konsequenzen, net nëmmen op d'Wirtschaft, mä virun allem och op d'Ëmwelt, op d'physesch an op d'psychesch Gesondheet vun de Mënschen, an esou och op eis Liewensqualitéit.

Domadder ass a bleift d'Verkéiersproblematik och eng vun deene ganz groussen Erausfuerderunge fir d'Politik hei am Land. Fir der Verkéiersproblematik Här ze ginn, an dat ass jo eng Prioritéit vun dëser Regierung, an dat konnt een de Moie jo och bei der Presentatioun vum Budget vum Finanzminister héieren a gesinn, verfollegt d'Regierung verschidde Pisten, dëst am Kader vun enger globaler Strategie, der Stratégie globale pour une mobilité durable, kuerz MoDu genannt, déi mëttlerweil deene meeschte Leit hei am Land och dierft e Begrëff sinn.

Nieft dem ëffentlechen Transport an der Mobilité douce gëtt am MoDu-Konzept och de Privatauto integréiert als een Deel vun deem Ganzen. Den Auto gëtt also net verdäiwelt, mä en ass Partie intégrante vun där ganzer Strategie.

An dësem Kontext, also am Kontext vun enger neier Transport- a Verkéiersstrategie soll den Auto haaptsächlech benotzt ginn, fir Plazen ze erreechen, déi méi oder manner wäit ausserhalb vum Zentrum leien a wou ee kammoud op den ëffentlechen Transport duerno kann ëmklammen. Dës Park & Ridë solle virun allem laanscht d'Strecke vun der Bunn, esou steet et och am Regierungsprogramm, zesumme mat engem reorganiséierten RGTR-Réseau mat de regionale Gares routières an deene verschiddene multimodale Punkten d'Réckgrat vum ëffentlechen Transport duerstellen.

Virun allem de Frontaliere soll an dësem Kontext mat Park & Ride-Parkplazen an der Grenzregioun eng seriö Alternativ zu der exklusiver Benotzung vum Privatauto gebuede ginn.

An domat wiere mer dann och schonn, wéinstens zum Deel, beim Débat vun haut, well vun deene siwe Projeten, iwwert déi mer haut hei am Kader vun eisem Débat d'orientation schwätzen, déi also der Chamber fir Approbatioun virgeluecht ginn, betreffen der net manner wéi dräi esou Park & Riden. Bei der Gare zu Rodange, also un der belsch-franséi-

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

scher Grenz, bei der Gare zu Waasserbëlleg un der däitscher Grenz, an am Zentrum vum Land, zu Miersch, solle fir Autosfuerer Méiglechkeete bezéiungsweis verbessert Méiglechkeeten entstoen, fir op den ëffentlechen Transport, also hei op den Zuch, ëmzeklammen.

Net manner wéi ronn 100 Milliounen Euro, déi dräi Projeten zesummegeholl, wëllt d'Regierung an dësem Sënn fir eng verbessert Vernetzung vun all eise Verkéiersmëttelen an domat fir eng Entlaaschtung vun eise Stroossen investéieren. Méi am Detail wëll ech hei net op déi eenzel Projeten agoen. Dat huet meng Virriednerin, eis Rapportrice, schonn exzellent an ausféierlech gemaach.

Mä net genuch mat dësen dräi Park & Riden! Fir d'Attraktivitéit vum Zuch weider ze verbesseren, si fir déi nächst Méint a Joren dräi weider grouss Projete fir de Fonds du rail virgesinn. Wéi hei schonn duergeluecht gouf, handelt et sech dobäi ëm d'Suppressioun vun de Passages à niveau an d'Rekonstruktioun vum Zuchshalt zu Schëffleng, den Aménagement vun de Quaie 5 a 6 op der Stater Gare an och d'Erneierung vun den Infrastrukture vun der Gare vun Esch.

Virdrun hunn ech hei vun dräi Park & Ridë geschwat, dat ass net ganz richteg, well eigentlech sinn et der véier. Dee véierte soll am Kader vum Bau vum Pôle d'échange op der Cloche d'Or entstoen. Dat ass dee leschte Projet, ëm deen eisen Débat haut dréit. Dëse geet zwar zu de Laaschte vun dem Fonds des routes, reit sech awer konsequent an d'MoDu-Logik vun der Regierung an.

Nieft deem ugeschwate Park & Ride sollen hei an der südwestlecher Peripherie vun der Stad Lëtzebuerg eng Busgare, aacht speziell Zousazquaien, fir de Passagéierflux bei de Matcher vum geplangte Fussballstadion ze géréieren, deen och do an d'Géigend kënnt - woubäi dat heiten alles awer net gebaut gëtt wéinst dem Fussballstadion -, eng Zone d'attente, also een Terminus fir zwielef Bussen, a schliisslech Infrastrukture fir den Accès zu der Mobilité douce entstoen. Dat alles, fir zesumme mam Projet Tram op eng kohärent Manéier den neie Quartier Ban de Gasperich, de sougenannte Midfield an d'Zone artisanale um Houwald, déi progressiv rekonvertéiert gëtt, transporttechnesch an ee Gesamtkonzept anzebannen.

Ofschléissend wëll ech ënnersträichen, dass déi hei diskutéiert Projeten net nëmmen am Aklang mam Regierungsprogramm sinn, mä absolutt och den Usprëch an den Zilsetzunge vun der LSAP gerecht ginn. An eisen Aen, an den Ae vun der Sozialistescher Partei, muss d'Politik alles drusetzen, fir de Verkéier mëttel- a laangfristeg méi nohalteg, méi ëmweltfrëndlech, méi sécher a méi performant ze maachen. Dass dëst nëmme geet, andeems een dem ëffentlechen Transport absolutt Prioritéit araumt, dat schéngt mëttlerweil jiddwerengem evident ze sinn. Ech hoffen op alle Fall emol.

An deem Sënn approuvéiere mir als LSAP-Fraktioun selbstverständlech all dës Projeten a wäerten dës och mat aller Kraaft ënnerstëtzen. An duerfir soen ech lech elo Merci fir Äert opmierksamt Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci dem Här Georges Engel. Als Nächsten ass den honorabelen Här Gusty Graas ageschriwwen. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Här President. D'Chamber hat 2006 mat Sécherheet eng gutt Iddi, wéi se déi Prozedur hei agefouert huet, wat eis als Deputéierte jo erlaabt, all Joers iwwert den Oflaf an iwwert d'Planung vu wichtegen Infrastrukturprojeten net nëmmen an d'Bild gesat ze ginn, mä awer och se ze kommentéieren.

Déi Projeten, déi haut hei um Menü stinn, déi droen natierlech ganz kloer d'Handschrëft vum ëffentlechen Transport. Et ass och onverkennbar an et ass och de Moien aus der Ried vum Finanzminister jo erauskomm, datt dës Regierung - zu Recht! - e groussen Akzent vun hirer Politik op d'Promotioun vum ëffentlechen Transport leet, wat natierlech net soll verhënneren, sech och iwwer aner gréisser Projeten an deenen nächste Joren hei Gedanken ze maachen.

Mir als Demokratesch Partei sinn natierlech ganz en faveur vun där doter Approche. Ech mengen, an et ass och schonn hei e puermol ënnerstrach ginn, mer erliewen all Dag méi, datt den Individualverkéier lues a lues awer u seng Grenze kënnt, well net nëmmen op ville Stroossen am Land an de Spëtzestonne Stau ugesot ass, mä dat zitt sech och op ville Plazen ewell iwwert dee ganzen Dag hin, a vill Gemengevertrieder, an et sinn der jo genuch heibannen, déi kënnen dovunner e Liddche päifen.

Wa mer och elo kucken, wat d'Marge vum Stroossebau fir d'Zukunft ubelaangt, esou wäert déi sech awer lues a lues ëmmer méi kleng maachen. Ee vun deene ganz grousse Projeten hu mer jo elo rezenterweis ageweit, déi sougenannten Nordstrooss. Och wann eenzel Leit nach net esou ganz domat zefridde sinn, wéi se zum Schluss ausgesäit, esou muss ee soen, datt natierlech och an enger éischter Phas dat ouni Zweifel zu enger Verbesserung bäigedroen huet. Mä ech wëll net e schlechte Prophet sinn, fäerten allerdéngs hei schonn, datt a fënnef bis zéng Joer d'Situatioun net méi esou roseg wäert sinn, wéi se de Moment ass, well och de Bau vun der Nordstrooss zwar kuerzfristeg, mëttelfristeg eenzel Problemer ka léisen, mä ob dat laangfristeg de Fall wäert sinn, dat dierft awer trotzdeem bezweifelt ginn.

Mir däerfen natierlech och net vergiesse beim Stroossebau, datt een dann awer och nach soll iwwer Contournementer schwätzen. Selbstverständlech, och do kënnt lues a lues eng gewësse Sättegung, obwuel awer och et rezent Beispiller ginn, datt de Bau vu Contournemente seng Wichtegkeet huet. An ech wëll hei op de Contournement vu Jonglënster hiweisen, dee jo och elo eréischt kierzlech a Betrib geholl gouf a wou awer elo scho mat Sécherheet kann nogewise ginn, datt deen awer seng Berechtegung hat.

D'Politik vum Stroossebau wäert natierlech an Zukunft och e bëssen eng aner Orientatioun kréien, well u sech vläicht elo méi baulech Moossnamen um bestehende Réseau wäerte virgeholl ginn. Ech denken do virun allem och emol un de Réckbau vu Stroossen. Ech denken awer och drun, datt mat aneren Elementer wäert geschafft ginn, fir de Verkéier méi ze guidéieren, méi an aner Bunnen ze leeden, zum Beispill och duerch d'Installatioun vu roude Luuchten. Dat ass eng Strategie, déi lues a lues méi Unhänger fënnt, obwuel et natierlech och nach Kritiker ginn, dat ass och ze verstoen.

Hei ass e Mentalitéitswiessel ouni Zweifel wichteg fir d'Zukunft, well wa mer dee Kollaps, dee sech jo awer op ville Plazen ukënnegt, wëllen évitéieren, da musse mer och de Courage hunn, besonnesch wat de Stroossebau ugeet, e bësselchen nei Weeër ze goen. An ech wëll och hei ënnersträichen, datt de Minister ze begléckwënschen ass, datt en och elo de Courage hat, och op Statsstroossen hinzegoen an en Tempolimitt vun 30 anzeféieren. An eng Gemeng, déi mer relativ gutt bekannt ass, ass jo och elo an de Genoss komm vun där Neierung.

Dat ass u sech e Wee, deen een an Zukunft méi verstäerkt soll goen. Well d'Zil soll net méi sinn, duerch d'Uertschaften de Verkéier fléissend ze gestalten, mä d'Zil soll éischter sinn, de Verkéier duerch d'Uertschafte méi schwiereg ze gestalten, mam Resultat, datt d'Leit och agesinn, datt Uertschaften net do sinn, fir schnell mam Auto derduerchzefueren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass also, wéi gesot, ze begréissen, datt mer eis haut, wa mer déi Projeten eenzel analyséieren, virrangeg mam ëffentlechen Transport auserneesetzen, mä, wéi gesot, ech wëll nach eng Kéier hei ënnersträichen, dat wëllt net heeschen, datt mer an deenen nächste Joren net och nach aner Domänen hunn, déi mussen hei prioritär diskutéiert ginn. Ech denken un de Schouldomän, ech denken awer och u kulturell Gebailechkeeten.

Den Haaptmenü vun haut limitéiert sech natierlech virun allem op Park & Ride-Projeten. Dat ass och, wéi gesot, ganz staark hei ze ënnersträichen. Et geet jo virun allem ëm dräi Garen. D'Leit mussen nach méi Loscht kréien, op den Zuch ëmzeklammen. Natierlech ass ëmmer eng Kombinatioun tëschent Zuch an Auto noutwendeg. Duerfir gi jo och déi vill Park & Riden aménagéiert. D'Distanz tëschent doheem an dem Park & Ride muss natierlech gréisstendeels iwwert den Auto ofgewéckelt ginn, obwuel mer net däerfe vergiessen, datt och lues a lues d'Bewosstsinn sech ëmmer méi staark mécht, datt de Vëlo een zentraalt Element gëtt, fir sech ze déplacéieren.

Virun allem wéi gesot den Aménagement vum Park & Ride zu Rodange ass ganz wichteg, ass ganz wesentlech, well jo hei besonnesch ganz vill Leit sech zesummefannen, fir vun do aus mam Zuch weider op d'Aarbechtsplazen ze fueren. An déi ronn 1.632 Plazen, déi hei virgesi sinn, beweise jo, datt et sech ëm e Park & Ride vun enger gréisserer Dimensioun handelt.

Ech fannen et besonnesch och gutt, datt hei eng mBox mat 100 Emplacementer virgesinn ass. Dat beweist jo och, datt d'Philosophie soll ënnerstëtzt ginn, fir an Zukunft eben nach méi de Vëlo kënnen ze benotzen. Natierlech mussen awer och déi betraffe Gemenge gewëssen Efforte maachen, well, wéi gesot, fir op de Park & Ride ze kommen, et net nëmme mam Auto duergeet, net nëmmen och mam Vëlo, mä datt och vläicht gegebenenfalls Réckgrëff op innerërtlech Bussystemer gemaach muss ginn, sief dat e Flexibus oder sief dat aner Linnen.

Da wëll ech och hei ënnersträichen, datt jo am Süden eng nei Initiativ tëschent sechs Gemengen amgaang ass ze entstoen. Dat ass de Vël'Ok. An ech weess, datt de Minister e bësse méi eng reservéiert Meenung dozou huet, mä ech sinn awer iwwerzeegt, datt en am Laf vun der Zäit sech awer och positiv deem Projet wäert uschléissen.

A menges Wëssens ass d'Gemeng Péiteng jo net de Moment Member vun där Initiativ. Mengen aneren Informatiounen no...

(Interruption)

Neen, neen, neen, mengen aneren Informatiounen no hu se d'Intentioun, hu se d'Intentioun! Voilà, hu se d'Intentioun! Dat ass also den Ënnerscheed tëschent enger Memberschaft an enger Intentioun. An dat ass, fannen ech, och ganz gutt gemengt. Péiteng, dat jo elo also an de Genoss vun där neier Struktur, Infrastruktur vu Park & Ride kënnt, wär also och gutt beroden, dann eben och där Initiativ Vël'Ok bäizetrieden.

Op där anerer Säit hu mer jo dann och nach aner Projeten, op déi ech selbstverständlech och net am Detail aginn. Datt Waasserbëlleg elo do soll eng gewësse Roll spillen, ass och eng Evidenz, well grad Waasserbëlleg, do ass u sech och eng ganz héich Konzentratioun vu Pendler, virun allem och déi, déi op der däitscher Säit wunnen, déi vu Waasserbëlleg aus dann op hir Aarbechtsplaz wäerte fueren. An deem Kontext muss een awer hei ënnersträichen, datt et och wichteg ass, datt d'Zuchverbindunge vu Waasserbëlleg aus a Richtung Stad respektiv a Richtung Tréier musse gutt fonctionnéieren. An do war et jo awer leider zu gewëssene Problemer komm.

Mir hu jo aacht KISS-Zich am November 2014 am Kader vum Rheinland-Pfalz-Takt op der Streck Lëtzebuerg-Koblenz agesat. Et koum jo do zu enger Rei vu Problemer. Ech hat och eng deementspriechend Question parlementaire gemaach. Vläicht kann de Minister jo kuerz nach eng Kéier drop agoen, wéi sech entretemps déi Problematik och do entwéckelt huet. Datt och Miersch hei ausgewielt gëtt, fir de Park & Ride auszebauen, ass och eng Evidenz. Miersch, eng Gare, déi, wéi gesot, och eng Magnéitfonctioun, kann ee soen, ausüübt, well och aus deem ganzen Ëmfeld do ganz vill Leit op déi Gare kommen, fir vun do aus da weider mam Zuch ze fueren.

Et ass jo och gewosst, datt virun allem zu Schëffleng eng Rei Problemer bestinn, bedéngt eben, well Schëffleng leider, wéi ënner anerem och Beetebuerg, den negative Problem huet, datt eben d'Eisebunn riicht duerch d'Uertschaft geet. An datt eben elo d'Suppressioun vun dräi Garë (veuillez lire: Barrièrë) virgeholl gëtt zu Schëffleng, ass net méi wéi ze begréissen. An datt och do wäerten nach aner Aménagementer virgeholl ginn, ënner anerem och den Aménagement vun Écrans antibruit, ass nëmmen ze begréissen, an déi Schéfflenger Awunner wäerten dat och scho mat groussem Wuelwollen entgéinthuelen.

Ech wëll iwwregens drop hiweisen, datt den Aménagement vun deenen Écrans antibruit sech zumindest zu Näerzeng ganz positiv ausgewierkt huet, datt et also richteg ass, datt laanscht déi Strecken, do, wou Leit wunnen, datt do e Maximum vun deene Schutzwäll och géif dann aménagéiert ginn. De Kaméidi ass ouni Zweifel e ganz grousse Fléau an eiser Gesellschaft. Leider ass ee praktesch de ganzen Dag duerch domadder konfrontéiert.

Mir mussen, wéi gesot, och um Niveau vun der Eisebunn nach wie vor eng Politik entwéckelen, fir de Réseau optimal ze gestalten.

Et däerf ee jo net vergiessen, datt, an ech entschëllege mech am Virfeld bei deenen Häre vun der Eisebunn, wa meng lescht Statistiken net sollte stëmmen, mä ronn 925 Persounenzich fuere jo all Dag an transportéiere bal 22 Millioune Leit am Joer. Ech mengen, dat sinn impressionnant Chifferen, déi awer och beweisen, mat Tendenz no uewen, déi och beweisen, datt d'Demande nach ëmmer do ass an datt mer am Fong geholl deem musse Rechnung droen.

Datt natierlech och e gewëssene Sättegungsgrad op verschiddene Linnen entsteet, dat mierkt een och als Zuchbenotzer, wann een zum Beispill vun Esch-Beetebuerg an d'Stad fiert, besonnesch an de Spëtzestonnen, wou d'Zich net méi kënne riicht duerchfueren, wou natierlech mussen dann och onfräiwëlleg Halte vläicht ageluecht ginn. Duerch, wéi gesot, de Réaménagement vun der Gare Lëtzebuerg a virun allem awer och de Bau vun zwee neie Quaien dierften awer déi Problemer an Zukunft dann och geléist ginn.

Natierlech, wéi gesot, wa mer scho vu Réaménagement, vun neiem Look vu Garë schwätzen, da si mer ganz séier bei der Gare vun Esch, do, wou natierlech nach ganz vill muss gemaach ginn, d'Gare Esch, déi spéitestens elo no der Ouverture vun der Uni eng nei Dimensioun och kritt huet. Wa mer vun der Gare Esch schwätzen, dann ass et, wéi gesot, wichteg, datt hei déi noutwendeg Investissementer gemaach ginn. Mir hunn natierlech nach eng Rei aner Garen duerch d'Land, wou och en „Relook", fir et emol esou ze nennen, misst gemaach ginn; ech wëll se awer elo net hei eenzel opzielen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, natierlech, wéi gesot, de Fokus vun haut vun der Diskussioun läit jo ganz kloer um Niveau vun der Promotioun vum ëffentlechen Transport, obwuel jo awer och Projeten derbäi sinn, déi iwwert de Fonds des routes finanzéiert ginn. Natierlech steet hei de Pool d'échange Cloche d'Or direkt am Mëttelpunkt. Dat war eng Décisioun vun der Stad Lëtzebuerg viru Joren, fir, wéi gesot, am südëstlechen Deel weider ze wuessen duerch den Aménagement vum Ban de Gasperich. An et ass och richteg, datt haut déi néideg Jalonen och um Niveau vum ëffentlechen Transport gesat ginn, well jo do d'Zil vum „modal split" 60/40 soll erreecht ginn, wat eng ganz gutt Zilsetzung och ass.

Ech mengen, d'Gare vum Houwald spillt do eng ganz wichteg Roll. Ech wëll dann awer och drop hiweisen, datt en zousätzlechen Aménagement vu Busgaren elo gemaach gëtt mat, wéi gesot, och dem Aménagement vun 2.000 Plazen, Emplacementer fir Autoen do. Schonn alles dat beweist, wat fir eng Envergure datt dee ganze Ban de Gasperich do kritt. Datselwecht gëllt och fir d'Viabilisatioun vum Midfield, wou jo grondleeënd Iwwerleeungen och musse gemaach ginn, wéi een déi Transitioun tëschent der Gemeng Hesper an der Stad Lëtzebuerg ka weider verdéiwen, well dertëschent läit jo schlussendlech eng Autobunn an och eng Zuchlinn.

Ech wëll awer drop hiweisen, datt déi gréng Schneis, déi an d'Stad erageet, muss onbedéngt bäibehale ginn. A wann och do meng Informatioune richteg sinn, ech riichte mech awer do un d'Stater Schäffin, dann entsteet jo mam Gasperecher Park do en zesummenhän-

gende Parkensembel vun 22,5 ha, wat u sech dee gréisste Parkensembel vun der Stad Lëtzebuerg soll ginn. D'Madamm Beissel wénkt an déi richteg Richtung, soudatt meng Informatioun och net falsch war.

Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, dës Projeten, déi droen ouni Zweifel och zu enger weiderer positiver Entwécklung vun dësem Land bäi. An den Här Engel huet zu Recht och sech Gedanke gemaach iwwert d'Entwécklung, de Wuesstum vun dësem Land. Ech mengen, et ass dat, wat eis wäert ganz oft nach an noer Zukunft, och a mëttlerer Zukunft beschäftegen. Wat bedeit dat, dee Wuesstum fir dëst Land?

Net méi spéit wéi de Moie si mer jo gewuer ginn, datt d'Projektiounen drop hiweisen, datt mer spéitstens 2018 zu iwwer 600.000 an dësem Land wäerte sinn. Et gesäit een also, datt mer nach wie vor an engem ganz grousse Wuesstum bleiwen. An dowéinst ass et evident, datt den Transport eng ëmmer méi grouss Wichtegkeet kritt. An déi gutt Prestatioun, déi de Finanzminister de Moien hei gemaach huet, wou e ganz kloer nach eng Kéier ënnerstrach huet, och unhand vun deene Kreditter, déi zur Verfügung gestallt ginn, datt dës Regierung wierklech wëllt sech deem Défi unhuelen, datt se wierklech sech bewosst ass, datt mer mussen den ëffentlechen Transport, den Transport insgesamt zu enger vun deene grousse Prioritéite vun dëser Regierungspolitik erklären; ech mengen, dat ass eng Approche, déi mir als Demokratesch Partei och nëmme kënnen deelen, an dowéinst sti mer och hannert deene Projeten, déi hei presentéiert goufen.

Ech wëll ofschléissend der Madamm Lorsché och nach eng Kéier Merci soe fir hiren exhaustive Rapport. An déi Motioun, déi hei presentéiert gouf, huet selbstverständlech och d'Ënnerstëtzung vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci dem Här Gusty Graas. Als leschten ageschriwwene Riedner ass et um honorabelen Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass en Exercice, dee mer haut maachen, dee mer all Joers hei maachen. Et ass awer e gudden Exercice, dee mer maachen, well d'Erfahrung vun deene leschte Jore gewisen huet, datt déi nei Prozedur, déi mer vun 2006 u praktizéieren, datt dat eng Prozedur ass, déi hir Friichten dréit.

Ech mengen, d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus der Comexbu, déi méi laang heibanne sinn an der Chamber, wëssen, wéi et fréier war bei eise Projeten. Wa mer se heibanne gestëmmt hunn, dann hu mer e Kredit matgestëmmt, a ganz dacks louch herno bei de Konten d'Realitéit ganz wäit ewech vun deem, leider am negative Sënn, wéi dat, wat mer heibanne gestëmmt haten.

Mir kënnen awer elo feststellen, an d'Comexbu kritt jo regelméisseg vun deenen eenzelne Projeten, souwuel deenen, déi direkt vum Stat wéi och vun der Eisebunn realiséiert ginn, de Stand vun der Entwécklung vun deene Projeten, an do kann een nëmme soen, datt praktesch all Projeten, déi mer haut en cours de route hunn oder an de leschte Joren ofgeschloss hunn no der neier Prozedur, datt dat Projete sinn, déi sech am Kader vun deene gestëmmte Kreditter ofwéckelen.

An duerfir kann een och nëmmen all deene Leit, déi déi Dossieren ausgeschafft hunn, déi se exekutéieren, Merci soen a félicitéiere fir déi gutt Aarbecht, déi do gemaach gëtt, well dat erlaabt och dann der Politik a virun allem dem Finanzminister, der Regierung, fir eng finanzpolitesch Gestioun kënnen ze maachen, déi allem ka Rechnung droen a wou keng grouss Iwwerraschunge bei de Projete kommen.

Dat war de But vun där neier Prozedur. Mir hunn eng gutt Erfahrung domadder gemaach. An duerfir ass et och gutt, datt mer déi Prozedur bäibehalen, och wa mer wëssen, datt dat eng laangwiereg Prozedur ass. Se ass awer net méi laang, wéi se fréier war. Wa mer haut hei eng Motioun stëmmen, woubäi ech der Kolleegin Josée Lorsché wëll Merci soe fir hire gudde Rapport, dee se eis hei virgedroen huet, da wësse mer, datt dat Projete sinn, datt d'Leit net sollen am Land dobausse mengen, et géif muer domadder ugoen, mä dat si Projeten, déi eng Rei vu Jore brauchen.

An déi Projeten, déi mer haut hei an der Motioun stëmmen, déi och eis Zoustëmmung fënnt, déi gi bis viraussiichtlech d'Joer 2022, bis se realiséiert ginn, obschonn dat heiten elo volumeméisseg, wat de Finanzdeel ubelaangt, net déi allergréisste Projete sinn, mä et ass einfach eng Prozedur, déi nun emol eben Zäit brauch.

Ech brauch net méi op déi eenzel Projeten anzegoen, wéi gesot, d'Madamm Lorsché huet dat hei an allen Detailer gemaach, soudatt ech am Fong e puer méi prinzipiell Iwwerleeunge wëll hei mat an d'Diskussioun erabréngen.

Fir d'Éischt sinn ech am Numm vun der ADR frou, datt elo bei alle Projeten och d'Mobilité réduite d'office derbäi ass. Mir hu ganz dacks an der Vergaangenheet Projete gemaach, net nëmme Stroosseninfrastrukturprojeten, mä och Gebaier gebaut, wou mer déi Leit vergiess hunn. Et ass am Fong net ze verstoen, datt mer als Stat oder als Gemengen iwwer Joren dat net als eng Normalitéit ugesinn hunn, datt am Fong huet missen dorop gestouss ginn. An duerfir ass et haut flott ze gesinn, datt dat hei an eise Planungen, souwuel beim Stat wéi hoffentlech och bei de Gemengen, eng Normalitéit ass, datt alles dat, wat mer haut realiséieren, deene Kritären entsprécht, datt och déi Leit sech kënnen iwwerall wéi all anere Mënsch och bewegen.

Dat Zweet, wat positiv ass, dat ass, datt haut och systematesch fir d'Vëloe mat geplangt gëtt. Och dat war eppes, wat hei am Land iwwer Jore stéifmütterlech behandelt ginn ass. Ech mengen, mir hunn net virun allze laanger Zäit an der leschter Period jo hei deen nationale Plang fir Vëlospiste gestëmmt. An och hei sinn ech der Meenung, quitte datt mer dee Plang gestëmmt hunn, datt ee sollt higoen, datt een och all Infrastrukturen, an hei ass dat jo de Fall, wéi zum Beispill bei de Garen, datt een do och un d'Vëloe soll denken.

Mä och bei normale Stroosse sinn ech der Meenung, datt ee misst lues a lues dozou iwwergoen, fir och do, wann Terrain do ass, datt een iwwerall géif systematesch Vëlospiste mat uleeën, iwwert dee Plang, dee mer viru kuerzer Zäit heibanne gestëmmt hunn, ewech.

Déi Motioun, déi mer hei stëmmen, geet a priori, de gréissten Deel iwwer Park & Riden. A wa mer déi Chifferen zesummenziele vun deene Park & Riden, inklusiv de Ban de Gasperich, da komme mer op eng Zomm vu 4.000, 4.500 zousätzleche Plazen, déi mer hei op de Park & Ridë wäerte kréien.

Elo kann ee soen, dat ass vill. Mä wann een dat awer an d'Entwécklung vum Land erasetzt, da wäerte mer gesinn, datt mer och mat deene 4.500 an anerer, déi a Planung sinn, wéi zum Beispill um Kierchbierg, datt mer domadder sécherlech net eise Problem wäerte léisen.

Wichteg ass allerdéngs, datt mer déi Park & Riden net an den Zentrum, mä datt mer déi esou wäit wéi méiglech vum Zentrum ewech un d'Grenze setzen, datt mer se bei Garë setzen, wat jo och hei mat Waasserbëlleg, mat Péiteng, mat Rodange realiséiert gëtt. Mä mer bauen der awer och am Zentrum, quitte datt do argumentéiert gëtt, well dat op der Streck vum Tram ass, mä esou muss een awer wëssen, datt mat deene relativ grousse Park & Riden, souwuel spéider um Kierchbierg wéi och um Ban de Gasperich, am Fong Dausende vu Leit emol fir d'Éischt mussen op déi Park & Ridë kommen, quitte datt och gesot gëtt, datt Bussen dohinnerkommen. Mä d'Bussen, bon, déi 2.000 um Ban de Gasperich, oder um Kierchbierg kommen der nach, mengen ech, méi, dat ass jo fir Autoen, an déi Autoe mussen emol dohinnerkommen!

Elo wësse mer awer, datt an de Spëtzestonnen all déi Richtunge méi wéi blockéiert sinn! An et huet ee vu menge Virriedner hei gesot, e wier frou, datt de Minister elo géif och d'Vitesse op 30 limitéieren, zouloossen op Statsstroossen.

Ma ech kann Iech soen, Här President, ech wier all moies frou, wann ech kéint mat 30 an d'Stad kommen! Mä dat ass leider net méiglech, well - de Buergermeeschter vun Hesper grinst dohannen - eleng bis op Hesper, vu Fréiseng bis op Hesper brauch een an der Zwëschenzäit eng Stonn, dann ass een nach net an der Stad.

(Interruptions diverses)

Also, de Problem ass, datt mer net méi kënne mat 30 hei an deem Land fueren, mä datt mer ëmmer méi stinn.

Mäi Virriedner huet dat och gesot, datt den Här Finanzminister de Moien déi Chiffere genannt huet. Ech mengen, de Conseil national des Finances, deen huet eis nach méi wäit Perspektive gemaach, dee schwätzt vum Joer 2050/2060 mat 1,2 Milliounen Aarbechtsplazen hei am Land, wa mer mat där Entwécklung weiderfueren.

An déi Chifferen, déi mer de Moie kritt hunn, do heescht et am Fong, datt d'Awunnerzuel vun 2015 bis 2019 ëm 50.000 an d'Luucht geet an datt d'Aarbechtsplazen an deemselwechten Zäitraum ëm 40.000 Aarbechtsplazen an d'Luucht ginn. A wa mer da kucken, datt mer a véier, fënnef Joer 40.000 Aarbechtsplazen hei am Land weider schafen an et setzt een déi a Relatioun mat deene 4.500 Parkplazen, déi mer maachen, quitte datt och nach en Deel op den ëffentlechen Transport geet, da weess een, datt d'Stauen trotz allen Infrastrukturen, déi mer maachen, an deenen nächste Jore wäerte weider an d'Luucht goen!

Dat ass einfach eng Realitéit an dat ass och de grousse Problem, dee mer hei am Land hunn. An duerfir hunn eis gréng Kolleegen an der Vergaangenheet ëmmer vum „Zukunftsdësch" geschwat, eng Iddi, déi mer ëmmer ënnerstëtzt hunn, well mer gesot hunn, dat ass am Fong de Problem, mat deem mer eis an der Politik mussen auserneesetzen: Wëlle mer oder musse mer dee stramme Wuesstum iwwer Joerzéngte weider upeilen, oder musse mer net e wirtschaftleche System erfannen, deen och e Sozialsystem ka finanzéieren, dee vläicht net méi alles erméiglecht oder deen aneschters finanzéiert gëtt, wou mer awer net méi obligéiert sinn, esou stramm mussen ze wuessen?

An ech bedaueren, datt dës Regierung awer am Fong op e Maximum vu Wuesstum weider setzt. An dat huet een och de Moien aus der Ried erausséiere vum Finanzminister. Et gëtt gekuckt, fir ee Maximum vu Wuesstum ze kréien an et gëtt net iwwert d'Konsequenze vun deem Wuesstum nogeduecht. Mir kommen aus deem Dilemma do net méi eraus, wa mer keng Äntwert op déi Fro do fannen!

An duerfir hu mer als ADR jo och eng Interpellatioun ugefrot iwwert d'Zukunft vu Lëtzebuerg, déi jo elo nach virun Enn vun dësem Joer hei an der Chamber debattéiert gëtt, wou mer am Fong wëllen déi Fro no vir drécken, datt mer eis mussen als Gesellschaft - net nëmmen d'Politik, mä all Forces vives de la nation - hei am Land ausenanersetzen, wat fir eng Zukunft mer als Land wëllen, wat fir e Wuesstum datt mer wëllen.

A wa mer net wëllen, datt am Joer 2050 hei am Land eng Millioun Aarbechtsplaze sinn, da musse mer och bereet sinn, ëmzedenken. An et ass déi Iddi, déi mir als ADR wëlle lancéieren.

Am anere Fall, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, kënne mir hei all Joers nei Stroossen, nei Park & Ridë stëmmen, da gëtt de Problem net méi kleng, mä e gëtt méi grouss. An alleguer déi Leit, déi net an der Stad wunnen, mä déi iergendwou ronderëm d'Stad wunnen a moies mussen an d'Stad eran an owes aus der Stad eraus, déi gesinn et Dag fir Dag, datt trotz allen Autobunnen, neie Stroossen, neie Park & Riden, neie Buslinnen, déi mer bauen, d'Staue vun Dag zu Dag méi grouss ginn!

An duerfir ass déi wesentlech Fro, d'Zukunft vu Lëtzebuerg ze plangen, well dat ass d'Äntwert op all d'Froen, well soss komme mer aus deem Dilemma do net méi eraus.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci dem Här Gast Gibéryen. An zum Schluss ass et um Minister. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Ech wéilt alle Riedner Merci soen, och der Madamm Rapportrice fir hire gudden an detailléierte Rapport. Dat erlaabt mer vläicht dann, eng, zwou méi allgemeng Remarquen ze maachen, op e puer Froe respektiv Remarquen anzegoen, déi gemaach gi si vun den Deputéierten.

Fir d'Éischt emol, ech si frou am Fong, datt mer déi Projeten hei all zesummen op enger Lëscht dëst Joer kënnen erabréngen, well, esou wéi och vill Riedner et hei ënnerstrach hunn, déi beleeë ganz gutt, éischtens, datt mer e Gesamtkonzept hunn an der Mobilitéit an, zweetens, wéi den Zesummenhang ze gesinn ass an deem Konzept tëschent deenen eenzelnen Akteuren am Verkéier: dem Tram, dem Zuch, dem Bus, dem Auto an dem Vëlo. Ech mengen, all déi Infrastrukturen, déi mer haut an der Lëscht stoen hunn, déi hunn en direkten Zesummenhang mat all deene Verkéiersträger, déi ech elo hei opgezielt hunn.

An ech mengen, et ass dat och, wat wichteg ass, wat mer wahrscheinlech awer och nach méi mussen no bausse vermëttelen, dat ass, datt een déi Investissementer, déi mer maachen als Stat an deenen nächste Joren, datt een déi net kann isoléiert kucken an da sech iwwert déi eng oder déi aner opreegen oder kritiséieren a mengen, et géif näischt bréngen isoléiert, mä datt een dat ëmmer muss am Gesamtzesummenhang kucken, fir ze verstoen, datt all déi Investissementer méi wéi justifiéiert sinn.

Ech kommen herno nach eng Kéier kuerz zréck op déi Remarquen, déi den Här Gibéryen gemaach huet, déi sécher net ofweeges sinn, mä wou ech och nach e puer Saachen dozou wëll soen.

Et ass och esou, datt de Stroossen... An den Här Graas, mengen ech, war dat, deen dat opgeworf huet am Zesummenhang mat der Nordstrooss. Am Stroossebau si mer esou lues op enger gewëssener Saturatioun ukomm. Mir wäerten natierlech nach eng Rei Stroosse bauen oder eng Rei ausbauen. Den Impakt dovunner, dee mer eis ze erwaarden hunn, ass awer net deen, ugesiichts der Dynamik, déi elo grad hei beschriwwe ginn ass, fir datt se eis géifen de Problem léisen.

A wann Der dann d'Nordstrooss ugeschwat hutt, ech mengen, déi ass elo op. Et si vill Leit frou, datt se se kënnen notzen, mä et muss een awer kucken, datt se am Gesamtproblem eis net alles wäert léisen.

An ech sinn och perséinlech iwwerzeegt, datt dat, wat mer 2017 wäerten opmaachen, nämlech den Arrêt Pafendall-Kierchbierg, wou d'Leit aus dem Norde mam Zuch par rapport zu haut, wa se op de Kierchbierg zum Beispill wëlle kommen, wou jo Dausenden Aarbechtsplaze scho sinn an der nach vill Dausende wäerten derbäikommen, datt, wa se an Zukunft do 25 Minutte Fahrzäit wanne mam ëffentlechen Transport, deen Impakt op de Verkéier an op de Verkéiersfloss op der Strooss bäi Wäitem méi grouss wäert sinn, well mer doduerjer natierlech d'Attraktivitéit vum Zuch enorm gesteigert kréien, an dann dat dozou féiert, datt natierlech d'Leit sech ufänken ze iwwerleeën: Hunn ech net awer besser, trotz Nordstrooss, am Beruffsverkéier zum Beispill moies mam Zuch ze kommen, wann ech op de Kierchbierg muss schaffe goen, well dat einfach net ze schloen ass an der Fahrzäit par rapport zu enger Strooss, inklusiv par rapport zu enger Autobunn - a wa se och nach esou gutt ass, esou schéin ass an esou breet ass an esou flëseg fonctionnéiert?

Duerfir sinn esou Investissementer extrem wichteg a wäerten eis wierklech vill méi bréngen, fir de Verkéiersfloss insgesamt an d'Mobilitéit insgesamt ze verbesseren. Mä trotzdeem, ech bleiwen derbäi, et kann een de Problem vun der Mobilitéit nëmme léisen, wann een den Zesummenhang gesäit tëschent alle Verkéiersträger an an Zukunft mer eben op déi berühmte Multimodalitéit setzen. An duerfir sinn déi Projeten, déi hei haut virgesi sinn, extrem wichteg.

Da sinn och nach eng Rei Froe gestallt ginn. Déi éischt ass emol am Zesummenhang mat deene sougenannte KISS-Automotricen. Ech mengen, et war och den Här Graas, déi déi gestallt huet.

Do kann ech Iech soen, de Moment leeft alles normal. Deen eenzege Problem, dee mer hunn, dat ass duerch dee Pech, deen d'Eisebunn hat, datt se bei deem Material, wat u sech e ganz gutt Material ass, muss een awer derbäisoen, vum Confort hier an och vun der Performance, wat et ka bréngen; d'Eisebunn hat eben hei Pech, datt se eng Serie kritt huet, wou een, zwee Pépinen dru waren, déi hu missen nogebessert ginn. An et ass eng Automotrice, nämlech déi, déi am Fong d'Reserv duerstellt, déi ass nach an der Reparatur. Mä bon, mir hunn der jo och nach nobestallt. Ech mengen, am Laf vun den nächste Jore wäert dee Problem sech wäitgehend behiewen. En ass och elo schonn, wéi gesot, den Zuchverkéier geet awer elo ganz normal.

Dann zu de Parkingen insgesamt wëll ech zwou Remarquë maachen. Et ass natierlech richteg, Här Gibéryen, wann Der sot, dat Bescht sinn déi Parkingen, déi wäit ewech sinn, méiglechst op de Grenzregiounen, well da kréie mer de Verkéier do opgefaangen an dann évitéiere mer, datt en iergendwou am Land Uertschafte belaascht.

Mir versichen och maximal, och nach do Capacitéiten ze schafen. Ech si jo a Verhandlunge mat der Belsch, fir een ze bauen op där anerer Säit vun der Grenz, also bei Arel, zu Viville. Dat ass een, dee menger Meenung no extrem vill géif bréngen, well een deen eben och wäitgehend kann ausbauen an do wierklech d'Leit op enger Plaz opfänken. Do hu mer Autobunnsréseau um nationale Stroosseréseau vun der Belsch. Dat géif mat sech bréngen, datt wierklech Dausenden Autoe manner duerch d'Land géife fueren.

Et muss een awer och derbäisoen, datt et eng Rei Parkinge gëtt, wéi zum Beispill dee beim Findel, dee wäerte mer bauen, well mer vum Osten hier bis elo nach net vill Méiglechkeeten hunn, fir d'Autoen opzefänken, generell, ausser deen hei zu Waasserbëlleg, deen och elo virgesinn ass, an e puer och méi a Richtung vum Bus ausgeriicht am däitsch-lëtzebuergesche Grenzgebitt. An deen um Héienhaff gëtt esou gebaut, datt ee vun der Autobunn direkt an de Parking ka fueren.

Dat heescht, d'Iddi ass, fir herno d'Opfaarten esou ze hunn, datt mer wierklech d'Uertschaften net belaaschten, datt mer de Verkéier op der Autobunn behalen an datt mer en erofkréie vun der Autobunn do, wou en de Problem eigentlech eréischt richteg mécht, nämlech wann et an den Afall geet vun der Stad. Well den Haaptproblem, dee mer jo op den Autobunnsréseauen hunn, ass, datt...

Duerfir sinn ech och der Meenung, et huet kee Wäert ze dreemen, mir géifen d'Autobunn ech

weess net op véier mol fënnef Spuren ausbauen. Dat brëngt eis alles net vill, well alles iergendwou an deen Triichter kënnt vum Ballungsgebitt Zentrum Stad a ronderëm, wou et dann ëmmer erëm op zwou Spuren erausgeet, well do d'Aarbechtsplaze sinn an dann d'Leit do schaffe ginn. An um Héienhaff hält d'Autobunn awer virdrun op, soudatt dat am Endeffekt wäert e ganz wichtege Projet gi par rapport zum Oste vum Land.

D'Cloche d'Or, do hu mer et limitéiert. Ech kann lech soen, do waren och Diskussioune mat de Betriber op der Cloche d'Or, fir vill méi Parkplazen dohinner ze kréien. Dat hu mer net gemaach, fir ebe genau dat ze verhënneren, wat Der richteg sot, datt et kee Wäert huet, elo do 10.000 Parkplazen ze schafen, wann ech weess, datt de Stroosseréseau d'Autoen iwwerhaapt net dohinnerkritt respektiv dat just zu Chaos géif féieren do selwer.

Ech mengen, dat do ass e Park & Ride, deen ass do noutwendeg am Zesummenhang mam Tram, natierlech och mam Stadion zum Deel, awer haaptsächlech mam Tram. Mä deen ass awer op 2.000 limitéiert an dat ass awer eng Zuel par rapport zu deem, wéi de Stroosseréseau wäert ëmgebaut ginn, deen dat och wäert packen an der Zukunft.

Bei Vëlospiste kann ech lech soen, datt an Zukunft och net nëmmen also déi hei Saache geplangt sinn, mä duerch déi nei Cellullen, déi ech geschafen hunn am Ministère an an der Stroossebauverwaltung, all Projet, deen ech entre-temps, all neie Stroossebauprojet, deen ech op den Dësch kréien, do läit eng Fiche bäi vun der Cellule mobilité douce, wou ganz kloer drasteet: Rout heescht, et feelt alles fir de Vëlo, orange heescht, et ass net schlecht, mä et kéint nach besser sinn, a gréng heescht natierlech, wéi esou oft, datt et ganz gutt ass.

(Interruption et hilarité)

Dat heescht am Kloertext, datt déi Projeten all duerchgekuckt gi vun Ufank u beim Bau, datt se solle wierklech vëlosgerecht sinn. Also, mir wëllen dat an der Zukunft wierklech bei all Projet maachen. Bon, do bleiwen natierlech awer duerch de gesamte Stroosseréseau, do, wou näischt ass, dee scho gebaut ass, nach ëmmer eng Rei Schwieregkeete bestoen.

Da war nach déi allgemeng Diskussioun Aarbechtsplazen. Ech mengen, d'Zuele si jo vu verschiddene Leit genannt ginn, Aarbechtsplazen an Awunner. Éischtens emol wëll ech soen, eng Regierung steiert dat net alles vum selwen. Dat kritt een och ganz schwéier gesteiert.

Lëtzebuerg huet eng ekonomesch Dynamik. Elo kann een, ech wëll elo hei emol kee Wäertuerteel ofginn, duerfir kréie mer bei Ärer Interpellatioun jo genuch Geleeënheet, fir driwwer ze schwätzen, ob dat elo gutt, schlecht ass, wat et eis brëngt, net brëngt, wat fir eng Méiglechkeeten et eventuell gi fir aner Modeller. Mä de Fait ass awer deen, datt eise Modell de Moment gutt fonctionnéiert, an déi Zuelen, déi de Finanzminister de Moie genannt huet a puncto Wirtschaftswuesstum, déi sinn natierlech extrem gutt, zemools wann ech se vergläiche par rapport zu dem Rescht vun eisen Nopeschlänner oder souguer Europa.

Mä dat ass eng Dynamik, déi ass do. Déi kréie mer net gebremst. Souguer wa mer se wéilte bremsen, kritt een déi net einfach esou gebremst, soudatt een déi nächst Jore kann dovun ausgoen, datt awer dee Méi u Wuesstum, Méi un Aarbechtsplazen an Awunner wäert doduerjer, duerch déi Dynamik egal wéi weidergoen. Ech wëll lech awer soen, datt déi Projeten, déi mer geplangt hu fir déi nächst Joren, déi wäerten awer dozou féieren, datt eng Verbesserung kënnt.

Ech ginn lech natierlech recht, mir sollen eis elo net e Wonner erwaarden heiduerjer. Et gëtt net vun haut op muer elo alles besser, mä et gëtt awer wesentlech besser, wann déi Infrastrukturprojete bis alleguer eng Kéier realiséiert ginn. Well dat wäert awer dozou féieren, duerch de Fait, datt aner Offeren do sinn, aner Méiglechkeete bestinn, datt d'Leit och sech anescht verhalen.

Mir fonctionnéieren zu Lëtzebuerg net aneschters, wéi et am Ausland fonctionnéiert huet. Mir hunn de Feeler gemaach déi lescht 30 Joer, datt mer oft d'Päerd vun hannen opgezeimt hunn a fir d'Éischt d'Aarbechtsplaze geschafen hunn, an dann eréischt, wa se do waren a mer festgestallt hunn, datt et net méi geet, eis Gedanke gemaach hunn: Jo, wéi kommen d'Leit dann elo optimaalst dohinner?

Mä ech mengen awer, spéitstens war dat, muss ech och soen, och schonn ënnert mengem Virgänger de Fall duerch d'MoDu-Konzept. Duerfir hunn ech dat och déi Zäit begréisst an der Oppositioun, well et deen éischten Usaz wierklech war, fir ewechzekomme vun där Logik, fir méi virausschauend ze kucken, ze plangen an d'Infrastrukture mat anzeplangen. Duerfir sinn ech awer der Meenung, wann déi grouss Projeten alleguerte realiséiert ginn, datt déi wierklech och dozou féieren, datt et besser gëtt.

Dës Regierung huet jo och do, muss ech soen, awer eppes nogeholl, wat net gemaach gi war, nämlech datt mer eng ganz Rei Saache beschleunegt hunn, déi am MoDu-Konzept dra waren. Well et ass richteg, ech weess net méi, wien dat gesot huet, de Pabeier ass gedëlleg: Et muss een och natierlech sech d'Moyene ginn, fir et ëmzesetzen! Mä ech wëll awer drun erënneren, beim Tramausbau bis op d'Cloche d'Or a bis op de Findel huet dës Regierung décidéiert, deen ze beschleunegen, dat virzezéien an och deementspriechend d'Suen ze mobiliséieren. Déi stinn am Pluriannuel haut dran.

An et sinn eng ganz Rei aner Mesuren. Datt mer haut hei diskutéieren iwwert de 5. an de 6. Quai, dat kënnt natierlech dohier, well de Minister och zu de CFL gesot huet: Wann ech gelift, brëngt mer esou séier wéi méiglech dee Projet, well ech hätt gär deen Ausbau vun der Gare Lëtzebuerg relativ séier! Et ass nach ëmmer jo awer d'Politik, déi d'Virgabe gëtt, an duerfir sinn eng Rei Saachen, déi dës Regierung sech zum Zil gesat huet, fir déi méi schnell ze maachen, fir déi méi schnell ëmzesetzen.

Duerfir sinn ech och frou, datt de Moien de Finanzminister am Kader vum Budget eben ugekënnegt huet, datt, éischtens, deen Invest net, wéi et a verschiddene Presseorganer stoung - an heiansdo freet ee sech, wou Leit un esou Saache kommen -, ëm 300, neen, am Ufank stoung souguer ëm 600 Millioune géif gekierzt ginn, mä datt en ëm e puer Honnert Milliounen éischter nach eropgeet!

A wann een e bësselche sech Gedanke gemaach hätt, ier een dat geschriwwen hätt, dann hätt ee misse wëssen, datt et och net anescht ka sinn! Well éischtens déi Projeten, déi et gëtt an der Infrastruktur am Investissement direct, déi am Bau sinn: Mir rappe jo net muer erëm d'Kranen of a loossen eng Bréck hallef stoen! Dat heescht, alles dat, wat am Lafe war, muss jo weidergebaut ginn.

An zweetens war et relativ kloer an dem État de la nation an an allen aneren Debatten, déi mer haten, datt d'nächst Joer fir eng ganz Rei nei Projeten d'Chantiere lassginn oder dëst Joer schonn ugaange si souguer zum Deel. An datt déi sech géifen nidderschloen am Budget, war evident. An datt doduerjer den Investissement direct géif eropgoen an net erofgoen, war och eng Évidence même.

Bon, egal, ech mengen, dat ass jo de Moie korrigéiert ginn. Mä et ass korrigéiert ginn awer och mat dem ganz kloren Hiweis dorobber, datt an der Mobilitéit virun allem an den nächste Jore ganz vill wäert bougéieren. An dat war och d'Zil vun dëser Regierung. Dat steet och an eisem Koalitiounsofkommes. An déi Motiounen hei sinn och an deem Geescht.

Fir de Rescht soen ech Merci fir déi breet Zoustëmmung.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci dem Minister. Domat si mer um Enn vun dësen Diskussiounen.

Motion 1

Mir kommen elo nach zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun, déi jo hei vun der Rapportrice eestëmmeg deponéiert gouf. Ech froen, ob mer déi kënnen à main levée stëmmen oder elektronesch?

Plusieurs voix.- Elektronesch!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Do gëtt e Vote électronique gefrot.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt dann domadder un. Ech muss, mengen ech, och stëmmen, jo. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen, wann ech gelift! D'Ofstëmmung ass eriwwer.

57 hu matgestëmmt. Mat Jo hunn der 57 gestëmmt, mat Nee keen an Abstentioun och keen.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est adoptée à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par M. Laurent Zeimet), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Marc Lies), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Roger Negri), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens (par M. André Bauler) et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par M. Roberto Traversini), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Une voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Domadder si mer um Enn vun dëser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir de 17., 18. an 19. November virgesinn. Natierlech, fir dës Sitzunge virzebereeden, lafen d'Diskussiounen an de Kommissiounen.

Domadder ass d'Sitzung opgehuewen. E schéinen Owend!

(Fin de la séance publique à 17.39 heures)

Sommaire des séances publiques n^os^1 et 2

1re séance

Ouverture de la séance publique p. 1

Clôture de la session ordinaire 2014-2015 et ouverture de la session ordinaire 2015-2016 p. 1

Composition des organes de la Chambre des Députés p. 1

Discours de M. le Président p. 1

Changements de composition des commissions parlementaires réglementaires et permanentes p. 1

Changements de composition des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales p. 1-2

Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution et d'une proposition de loi par M. Roy Reding p. 2

Dépôt d'une motion par M. Serge Urbany p. 2

Dépôt d'une motion par M. David Wagner p. 2

Communications p. 2-4

Ordre du jour p. 4

Déclaration de M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État, au sujet de la crise des réfugiés et de l'accueil des demandeurs de protection internationale, suivie d'un débat p. 4-11

6454B - Projet de loi portant modification de:

1) la loi modifiée du 27 juillet 1997 sur le contrat d'assurance

2) la loi modifiée du 8 décembre 1994 relative:

- aux comptes annuels et comptes consolidés des entreprises d'assurances et de réassurances de droit luxembourgeois

- aux obligations en matière d'établissement et de publicité des documents comptables des succursales d'entreprises d'assurances de droit étranger p. 11-12

6828 - Projet de loi approuvant la participation de Grand-Duché de Luxembourg à la 17e reconstitution des ressources de l'Association internationale de développement p. 12-13

6859 - Projet de loi du [...] relatif à l'adhésion du Grand-Duché de Luxembourg à la Banque Asiatique d'Investissement dans les Infrastructures p. 13-14

2e séance

Ouverture de la séance publique p. 15

Motion de M. Serge Urbany relative à l'opposition du Gouvernement au Conseil européen à toute démarche menant vers une implémentation de l'accord économique et commercial global (AECG), tant que les dispositions RDIE contenues actuellement dans cet accord sont maintenues
et
Motion de M. David Wagner relative à l'initiation ou le soutien de toute démarche envers la Commission humanitaire d'établissement des faits dans le but d'ouvrir une enquête indépendante p. 15

Changement de composition d'une commission parlementaire p. 15

6772 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 9 janvier 1998 portant transposition de la directive 93/7/CEE du 15 mars 1993 relative à la restitution des biens culturels ayant quitté illicitement le territoire d'un État membre de l'Union européenne; et transposant la directive 2014/60/UE du Parlement européen et du Conseil du 15 mai 2014 relative à la restitution de biens culturels ayant quitté illicitement le territoire d'un État membre et modifiant le règlement n°1024/2012 (UE) (refonte) p. 15-17

6646 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la Santé et la loi modifiée du 16 août 1968 portant création d'un Centre de logopédie et de services audiométrique et orthophonique p. 17-19

6756 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 20 avril 2009 portant création du Centre des technologies de l'information de l'État p. 19-20

6812 - Projet de loi portant approbation

- de l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République d'Autriche concernant l'échange et la protection réciproques des informations classifiées

- de l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Croatie concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées p. 20-21

6813 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Organisation conjointe de coopération en matière d'armement (OCCAR) sur la protection des informations classifiées, fait à Luxembourg, le 6 janvier 2015 p. 21-22

6782 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 25 juillet 2002 portant création d'un établissement public pour la réalisation des équipements de l'État sur le site de Belval-Ouest p. 22-24

Ordre du jour p. 24

6888 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au chapitre 9 «Frais et indemnités» de l'annexe 5 «Régime des traitements des fonctionnaires de la Chambre des Députés» p. 24

6836 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État p. 24-28